N°2817
Entrée le 03.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, vun der Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul a vum Här Aarbechtsminister op d'parlamentaresch Fro n° 2817 vum 28. August 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wéi vill Demandë fir Autorisatioune fir am Gesondheetsberäich ze schaffe ginn all Joer refuséiert an aus wéi enge Grënn? Wat ass d'Opdeelung tëschent EU- a Net-EU-Diplomer? Wéi vill Demandë ginn all Joers agereecht?*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet verfüügt net iwwert d'Zuele wéi vill Demandë fir Autorisatioune fir am Gesondheetsberäich ze schaffen all Joer refuséiert ginn.

Hei ënnendrënner sinn awer d'Zuele wéi vill dëser Demanden autoriséiert goufen opgeschlësselt op EU a net EU Diplomer:

| Année | Groupe professionnel | EU | Tiers | Total |
|---|---|---|---|---|
| 2020 | Médecins dentistes | 63 | 11 | 74 |
| 2020 | Médecins dentistes spécialistes | 2 | 1 | 3 |
| 2020 | Médecins généralistes | 62 | 1 | 63 |
| 2020 | Médecins spécialistes | 166 | 11 | 177 |
| 2020 | Médecins vétérinaires | 20 | 0 | 20 |
| 2020 | Pharmaciens | 34 | 0 | 34 |
| 2020 | Professions de Santé | 2559 | 32 | 2591 |
| 2020 | Psychothérapeutes | 26 | 2 | 28 |
| **2020** | | **2932** | **58** | **2990** |
| 2021 | Médecins dentistes | 65 | 35 | 100 |
| 2021 | Médecins dentistes spécialistes | 3 | 1 | 4 |
| 2021 | Médecins généralistes | 57 | 0 | 57 |
| 2021 | Médecins spécialistes | 174 | 13 | 187 |
| 2021 | Médecins vétérinaires | 25 | 1 | 26 |
| 2021 | Pharmaciens | 42 | 4 | 46 |
| 2021 | Professions de Santé | 2605 | 21 | 2626 |
| 2021 | Psychothérapeutes | 10 | 0 | 10 |
| **2021** | | **2981** | **75** | **3056** |
| 2022 | Médecins dentistes | 47 | 40 | 87 |
| 2022 | Médecins dentistes spécialistes | 3 | 2 | 5 |
| 2022 | Médecins généralistes | 56 | 3 | 59 |
| 2022 | Médecins spécialistes | 164 | 16 | 180 |
| 2022 | Médecins vétérinaires | 27 | 3 | 30 |
| 2022 | Pharmaciens | 56 | 4 | 60 |
| 2022 | Professions de Santé | 2500 | 30 | 2530 |
| 2022 | Psychothérapeutes | 4 | 0 | 4 |

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **2022** | | **2857** | **98** | **2955** |
| 2023 | Médecins dentistes | 74 | 20 | 94 |
| 2023 | Médecins dentistes spécialistes | 3 | 2 | 5 |
| 2023 | Médecins généralistes | 54 | 2 | 56 |
| 2023 | Médecins spécialistes | 212 | 32 | 244 |
| 2023 | Médecins vétérinaires | 27 | 2 | 29 |
| 2023 | Pharmaciens | 42 | 8 | 50 |
| 2023 | Professions de Santé | 2118 | 34 | 2152 |
| 2023 | Psychothérapeutes | 42 | 5 | 47 |
| **2023** | | **2572** | **105** | **2677** |
| 2024 | Médecins dentistes | 58 | 26 | 84 |
| 2024 | Médecins dentistes prestataires de service | 7 | 1 | 8 |
| 2024 | Médecins dentistes spécialistes | 2 | 0 | 2 |
| 2024 | Médecins généralistes | 48 | 3 | 51 |
| 2024 | Médecins prestataires de service | 10 | 0 | 10 |
| 2024 | Médecins spécialistes | 185 | 24 | 209 |
| 2024 | Médecins vétérinaires | 32 | 3 | 35 |
| 2024 | Médecins vétérinaires prestataires de service | 15 | 0 | 15 |
| 2024 | Pharmaciens | 50 | 4 | 54 |
| 2024 | Professions de Santé | 2971 | 40 | 3011 |
| 2024 | Psychothérapeutes | 44 | 2 | 46 |
| **2024** | | **3422** | **103** | **3525** |
| | | **14764** | **439** | **15203** |

*2. Ginn et intern Richtlinnen oder Krittären, déi festleeën, wéi ee bestëmmt, ob zwee änlech Fäll ënnerschiddlech behandelt gi sollen? Wéi gëtt d'Kohärenz an den Decisioune garantéiert?*

Virop sief gesot dat all Land seng eege Konditioune fir den Zougang zu Gesondheetsberuffer festleet. Zu Lëtzebuerg ënnerläit d'Ausübe vum Beruff vum Apdikter enger Autorisatioun, déi op Basis vun nationalen an europäesche gesetzleche Krittären ausgestallt gëtt.

Och am Fall vun enger Beruffserfarung an engem anere Land muss de Ministère iwwerpréiwen, ob d'Ausbildung an d'Qualifikatiounen, souwéi all Unerkennungszertifikater am Fall vun engem Diplom, de gesetzleche Viraussetzungen déi zu Lëtzebuerg gëllen entspriechen.

All Demande fir eng Autorisatioun fir ze praktizéieren, déi op Basis vun engem kompletten Dossier ugefrot gëtt, gëtt op Basis vun eenheetleche Krittären aviséiert a gegeebenenfalls ausgestallt. Wann en Demandeur eng Demande virleet op Basis vun engem Diplom, deen an engem Drëttstaat ausgestallt gouf, brauch den Demandeur eng *Reconnaissance préalable* vu sengem Diplom déi vun engem aneren EU-Land ausgestallt gouf. Fir de spezifesche Fall vum Apdikter muss dës Reconnaissance viraussetzen, datt den Demandeur an deem Land, dat him d'Reconnaissance ausgestallt huet, och d'Recht géif kréie fir säi Beruff auszeüben sou wéi d'Annexe V vun der Directive 2005/36/CE dat virgesäit an datt déi Persoun de Beruff vum Apdikter am Aklang mat de Konditiounen a Krittären, déi den Artikel 44 vum ofgeännerte Gesetz vum 28. Oktober 2016 (loi modifiée du 28 octobre 2016 relative à la reconnaissance des qualifications professionnelles - directive 2005/36/CE) virgesäit, ausübe kann.

*3. Wéi kann de Ministère garantéieren, dass all Demandeure mat änleche Profiller gläich behandelt ginn, onofhängeg vu Geschlecht, Nationalitéit oder Ursprong vun der Formatioun?*

Wéi an der Äntwert op d'Fro 2 detailléiert, gëtt all Dossier individuell op Basis vun objektive gesetzleche Formatiouns- an Honorabilitéitskrittären aviséiert. Soulaang eng Reconnaissance préalable aus engem aneren EU-Land virläit an déi uewe genannte Krittären erfëllt sinn, kann den Dossier aviséiert ginn.

Méiglech Ënnerscheeder an der Veraarbechtung kënnen duerch Elementer entstoen, déi spezifesch zu all Ufro sinn, wéi zum Beispill d'Qualifikatiounen, d'Dokumenter, déi virgeluecht goufen, oder d'administrativ Situatioun vum Demandeur.

*4. Wéi eng Mesurë sinn a Plaz, fir ze verhënneren, dass d'Decisiounen individuell geholl ginn, wéi et an der Presse beschriwwe gouf?*

Hei gëtt op d'Äntwert vun der Fro 2 verwisen.

*5. Plangt de Ministère, d'Transparenz ze erhéijen andeems et eng ëffentlech Lëscht vun unerkannten Héichschoulen a Programmer publizéiert, souwéi déi konkret Krittären, déi bei der Evaluatioun applizéiert ginn?*

De Fuerschungs- a Héichschoulministère huet eng Rei Publikatiounen an Informatiounsbroschüren erausginn[1], déi dozou bestëmmt sinn, Studentinnen a Studenten, déi sech fir en Héichschoulstudium am Beräich vun de Gesondheets- a Medezinsberuffer interesséieren, eng Orientatioun ze bidden.

An dësen Dokumenter ginn, fir déi heefegst Studielänner, déi wesentlech Informatiounen iwwert d'Unerkennung vun Diplomer zesummegefaasst, déi herno fir den Accès zu de jeeweilege Beruffer relevant sinn.

D'Donnéeë baséieren dobäi net nëmmen op de gëllende gesetzleche Bestëmmungen am jeeweilege Beruff, mee och op den Erfarungen, déi de Ministère am Kader vun der professioneller Unerkennung vun Diplomer aus deene betraffene Länner gemaach huet.

Op dës Manéier soll de Studentinnen a Studenten eng méiglechst prezis an ëmfaassend Informatioun iwwert d'Studienofferen an d'Beruffsperspektive zur Verfügung gestallt ginn.

*6. Wéi eng Informatioune kritt een Demandeur wann seng Demande refuséiert gëtt? Gëtt et eng detailléiert Begrënnung mat konkrete Schrëtt, déi hien/si ka maachen, fi r d'Situatioun ze verbesseren?*

Wa bei enger Demande Pièce feelen, trëtt de Ministère an der Reegel an enger éischter Phas a Kontakt mam Demandeur fir nozefroen, ob déi néideg Pièce nogeliwwert kënne ginn. Falls dëst net de Fall ass an den Demandeur déi gesetzlech erfuerdert Pièce net noreeche kann, kritt hien e Refus vu senger Demande ausgestallt. Dëse Refus detailléiert och de Grond firwat d'Autorisatioun fir ze praktizéieren net ausgestallt ka ginn.

Doriwwer eraus gëtt bei all Refus den Demandeur och iwwert déi verschidde Recoursméiglechkeeten informéiert a ka gegeebenenfalls Recours géint d'Decisioun, déi him zougestallt gouf, maachen.

[1] https://mengstudien.public.lu/de/etudes-metiers/medecine-professions-sante.html

*7. Wéi vill Leit mat Gesondheetsdiplomer aus Net-EU-Länner sinn aktuell bei der ADEM ageschriwwen, well si net kënnen hir Qualifikatiounen unerkenne loossen?*

Op de 5. September 2025 waren **141 Persoune** bei der ADEM ageschriwwen, déi en Diplom aus engem Net-EU-Land fir ee vun de reglementéierte Gesondheetsberuffer hunn an awer keng Autorisatioun fir ze praktizéieren opweise kënnen. D'Opdeelung no Beruff ass follgend:

| Métier | Demandeurs d'emploi |
|---|---|
| Aide-soignant | 12 |
| Audioprothèses | 2 |
| Diétique | 3 |
| Ergotherapie | 1 |
| Infirmier | 54 |
| Kinésithérapie | 4 |
| Laboratoire | 4 |
| Médecine | 21 |
| Médecine dentaire | 15 |
| Médecine vétérinaire | 5 |
| Pharmacie | 11 |
| Radiologie | 5 |
| Sage-femme | 4 |
| **TOTAL** | **141** |

Hei handelt et sech ëm Persounen, déi de Qualifikatiounsniveau hunn, deen an deem Beruff virausgesat gëtt. Dobäi kommen nach ca. 50 Persounen, déi e Gesondheetsdiplom hunn, mee net den néidege Qualifikatiounsniveau, oder déi säit längerer Zäit (iwwert 10 Joer) net méi an deem Beräich aktiv sinn.

D'Opdeelung vun den 141 Persounen nom Land vum Gesondheetsdiplom ass follgend:

| Pays du diplôme | Demandeurs d'emploi |
|---|---|
| Afghanistan | 1 |
| Afrique du Sud | 1 |
| Argentine | 2 |
| Azerbaidjan | 1 |
| Bénin | 1 |
| Bosnie-Herzégovine | 3 |
| Brésil | 28 |
| Burkina Faso | 1 |
| Cameroun | 2 |
| Cap-Vert | 2 |
| Chine | 1 |
| Colombie | 3 |
| Congo | 4 |
| Egypte | 2 |
| El Salvador | 1 |

| | |
|---|---|
| Erythrée | 2 |
| États-Unis d'Amérique | 1 |
| Éthiopie | 1 |
| Ghana | 1 |
| Guinée | 4 |
| Guinée-Bissau | 4 |
| Inde | 7 |
| Iran | 2 |
| Kenya | 1 |
| Kosovo | 3 |
| Malaisie | 1 |
| Maroc | 1 |
| Nigéria | 1 |
| Norvège | 1 |
| Palestine | 1 |
| Pérou | 1 |
| Philippines | 4 |
| République Dominicaine | 1 |
| Russie | 2 |
| Sénégal | 2 |
| Serbie | 7 |
| Syrie | 6 |
| Tunisie | 5 |
| Turquie | 2 |
| Ukraine | 26 |
| Venezuela | 1 |
| **Total** | **141** |

Lëtzebuerg, den 3. Oktober 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez